# INFO

1/2026



# NIÑOS DE LA TIERRA

asbl.



# RÉCKBLÉCK

## OP D'JOER 2025

**Eise Verwaltungsrot**

De 25. Määrz 2025, op der Generalversammlung vun Niños de la Tierra, goufen d'**Rachel Braun** an den **David Hoffmann** an de Conseil d'administration eragewielt. Allenzwee bréngen si net nëmmen eng grouss Motivatioun mat an de Grupp, mee och wäertvoll berufflech Erfarung.

Domadder besteet de Verwaltungsrot aktuell aus **14 Memberen** :
Rachel Braun (Betteng op der Mess), Jean-Paul Hammerel (Fenneng), David Hoffmann (Waasserbëlleg), Marco Hoffmann (Konsdref), Marcel Kohn (Beetebuerg), Marie-José Kohn-Goedert (Beetebuerg), Georges Ludwig (Beetebuerg), Rose Ludwig-Bohler (Beetebuerg), Axel Schneidenbach (Diddeleng), Marianne Schummer (Lëtzebuerg), Claude Schweich (Beetebuerg), Yvette Schweich-Lux (Beetebuerg), Gaby Stoos (Beetebuerg) a Gaby Wewer (Beetebuerg).

Wéi d'Statutten dat virgesinn, goufen an der éischter Reunioun no der Generalversammlung d'Poste verdeelt :

- President a Secrétaire-adjoint : Marco Hoffmann
- Vizepresidentin : Rose Ludwig-Bohler
- Tresorier : Jean-Paul Hammerel
- Tresorier-adjoint : Georges Ludwig
- Sekretärin : Marianne Schummer





Le conseil d'administration de **NIÑOS DE LA TIERRA asbl.** a l'honneur et le plaisir de vous inviter à sa

### 39e Assemblée générale

qui aura lieu à la Boutique du Monde au « Gréngen Haus » 42, route de Mondorf à Bettembourg le

**mardi 21 avril 2026**
**à 20:00 heures**

avec l'ordre du jour suivant :

- Allocution de bienvenue du président
- Approbation du procès-verbal de l'assemblée générale 2025
- Rapport d'activité pour l'exercice 2025
- Rapport de caisse pour l'exercice 2025
- Rapport des réviseurs de caisse
- Approbation des rapports et décharge du trésorier
- Désignation des réviseurs de caisse
- Fixation de la cotisation
- Élection du conseil d'administration: 7 membres du CA sont démissionnaires et rééligibles
- Projets actuels et futurs
- Compte-rendu d'un voyage de projets en Bolivie et au Chili
- Divers

Ont droit de vote les membres ayant payé leur cotisation annuelle de 10€ avant l'A.G.

Un pot de l'amitié sera offert.

Niños de la Tierra si Member am *Cercle de Coopération des ONGD* (Grënnungsmember), bei *Fairtrade Lëtzebuerg* a bei *Voĉo*, engem Zesummeschloss vu verschiddenen Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft.
Och bei *Beetebuerg hëlleft* ass eis ONG vertrueden (Grënnungsmember).
Frëndschaftlech verbonnen ass d'ONG mat der däitscher Organisatioun *Cristo Vive Europa*.

Eis ONG ass staatlech unerkannt an den Agrément ministériel krute mir bis 2026 verlängert. En externen Auditeur huet de finanzielle Bilan vun 2024 kontrolléiert a validéiert.

D'Memberen aus dem Verwaltungsrot hunn sech am Joer 2025 am ganzen **12 Mol am Plenum** getraff fir déi lafend Projeten ze beschwätzen, Decisiounen ze huelen, Aktivitéiten ze plangen a sech iwwert d'Aktualitéit an de verschiddenen Aarbechtsgruppen auszetauschen. Dës Aarbechtsgruppen (Projeten, Volontariat, Finanzen, Public Relations) hunn sech am Laf vum Joer am ganze 14 Mol getraff.

Do derbäi koumen d'**Generalversammlung** an déi traditionell **Klausur** am Januar, e Reflexiounsdag iwwert d'Zukunft vun der ONG, déi gemeinsam Wäerter, d'Zesummenaarbecht mat de Partnerorganisatiounen an den Engagement vu jidder eenzelnem.
Vill Aarbecht ass an d'Iwwerschaffe vun den neie Statutte geflоss, déi an der AG vun de Memberen ofgeseent konnte ginn.
Zu de sëllegen Aarbechtsreunioune koumen och ganz vill Telefonsgespréicher a Mailen tëscht eisem Projetsleeder Jean-Paul Hammerel an eise Partnerorganisatiounen.

Och dëst Joer kruten Niños de la Tierra zousätzlech Ënnerstëtzung vum Carmen Albers (Projetsaarbecht) a vum Patricia Garcia (Sekretariat).

**Public Relations**

Eisen INFO, deen Dir grad an den Hänn haalt, kënnt véier mol am Joer eraus mat enger Oplag vun 1.300 Exemplaren. Koordinéiert a verbessert gëtt dës Informatiounszeitung vum Axel Schneidenbach, Marcel Kohn, Marie-José Kohn-Goedert, Rose Ludwig-Bohler a Georges Ludwig.
Op eiser Homepage www.niti.lu, déi vum Marcel Kohn koordinéiert gëtt, sinn Informatiounen iwwert d'ONG an d'Projeten ze fannen. Hei kënnen och all d'INFOen aus de leschte Joren als pdf erofgeluede ginn.
Och op Facebook sinn aktuell Infoen iwwert d'ONG ze fannen.

**Scheckiwwerreechungen**

- Chorale Ste Cécile Beetebuerg (13.03)
- Zéissenger Bichermaart (14.10)

**Presenz vun de Comitésmemberen :**

- Reunioun mam Parrot Beetebuerg (21.01.)
- Zéissenger Bichermaart (25.01.)
- Presentatioun vun engem Projet vu Contexto fir d'Eltere vun de Kommiounskanner um Houwald (02.02.)
- Stand op der Receptioun fir déi nei Awunner (17.03.)
- Generalversammlung vum Cercle des ONG (26.03.)
- Generalversammlung vun Diddeleng hëlleft (31.03.)
- Soirée LiteraTOUR, en Owend zu Éiere vum Michel Schaack, Gemeng Beetebuerg (29.04.)
- Treffe mat der Gemeng Beetebuerg a mat Beetebuerg hëlleft am Kontext vun der Visite vun der Schwëster Karoline (10.05.)



- Assises de la Coopération (07.05.)
- Generalversammlung vu Beetebuerg hëlleft (12.06.)
- Concert mat latäinamerikanescher Musek an der Stad Lëtzebuerg, organiséiert vun ACAT (14.06.)
- Feierlechkeete fir Nationalfeierdag a Fête de l'Amitié zu Beetebuerg mam traditionelle Piscostand (22.06.)
- Soirée de l'Engagement vum SNJ an der Stad (02.07.)
- Austausch mam Voĉo - Grupp am Oekozenter (03.07.)
- Pot de l'amitié vun der LSAP (11.07.)
- Virstellung vun de Projeten am Virfeld vum Chrëschtmaart zu Stroossen (24.09.)
- en Owend a Gedenken un d'Vivi Hommel an de Michel Schaack, organiséiert vum „Cercle Vivi Hommel" (25.09.)
- National Kommemoratioun (19.10.)
- Kiermespatt vun der CSV (24.10.)
- Visiokonferenz fir d'ONGen vum MAE iwwert d'Revisioun vun de cofinanzéierte Projeten (04.11.)
- Versammlung mam Parrot Beetebuerg, Paraktioun (25.11.)
- Presenz um Chrëschtbasar zu Stroossen mat engem Stand (30.11.)
- Versammlung vu Beetebuerg hëlleft (17.12.)

**Eis Fräiwëlleg**

Et huet dem **Lena Erpelding**, dat am Juni 2024 « fir e Joer » op Cochabamba a Bolivien gereest ass fir e Volontariat, do esou gutt gefall, datt hatt säin Engagement mam Accord vun der ONG an dem Service National de la Jeunesse em sechs Méint verlängert huet. Hatt ass viru kuerzem zréck op Lëtzebuerg komm, räich un Erfarungen, déi hatt och an dësem INFO mat Iech deelt.

De 15. Oktober ass d'**Mara Mazza** a Bolivien gereest, fir sech, wéi d'Lena, fir 12 Méint bei de Projeten vun der FCVB z'engagéieren (Tirani).



**Eis Treffe mat Partnerorganisatiounen**

- Reunioun mat de Responsabele vu Crearte (05.01. an 30.04.)
- Visite vun der Schwëster Karoline Mayer (9.05. – 12.05.)

**Eis kofinanzéiert Projeten 2025**

- Verbesserung vun der Ausbildungsoffer fir Jugendlecher a vun der gemeinschaftlecher a produktiver Ausbildung zu **Tuscapujio/Sacaba**. Partnerorganisatioun : ANAWIN (2022 – 2025)
- Stäerkung vum Konzept vum « Vivir Bien » (gutt liewen) a 7 Gemengen nërdlech vu **Cochabamba**, duerch d'Verbesserung vun der Betreiung vun de klenge Kanner, den Ausbau vun der Erwuessenebildung an d'nohalteg Verbesserung vum Akommes. Partnerorganisatioun : FUNDACIÓN CRISTO VIVE BOLIVIA (2022 – 2025)
- Stäerkung an Ofsécherung vun der Ernärungssouveränitéit an de Gemenge **Chapisirca a Montecillo** duerch d'Ënnerstëtzung vun der Entwécklung vu klengen agropastorale Betriber an der Ausbildung am landwirtschaftlechen Entreprenariat. Partnerorganisatioun : ANAWIN (2024 – 2027)

**Ouni staatlech Kofinanzéierung hu mir dës Projeten ënnerstëtzt:**

**Am Chile**

- d'Mapuche-Schoul « Pewma Rayen » bei Temuco (FUNDECAM)
- d'Mapuche-Communautéiten an der Gemeng Lautaro, zesumme mat *Beetebuerg hëlleft*. (FUNDECAM)
- Hëllef no der Brandkatastroph zu Achupallas (Spendenaktioun)
- de soziokulturelle Projet TEATROBUS zu Recoleta/ Santiago, zesumme mat *Beetebuerg hëlleft*

**Am Peru**

- d'Fraenhaus SONQO WASI zu Cusco : psychologesch, juristesch, medezinesch a sozial Hëllef fir Fraen a Kanner, déi Affer vun haislecher Gewalt goufen, zesumme mat *Beetebuerg Hëlleft*

**A Bolivien :**

- den Hëllefsprogramm « PURISKIRIS » zu Cochabamba : Begleedung vun eelere Mënschen an Noutsituatiounen an eng Ënnerstëtzung vu benodeelegte Kanner, déi bei hire Grousselteren opwuessen
- Ënnerstëtzung vu Kannergäert a pädagogeschen Zentren zu El Alto an zu Potosi (CONTEXTO)

Marianne Schummer
Sekretärin





# Villmools MERCI

## *Ein großer und herzlicher Dank geht*

- **an all unsere Spender, welche im Jahr 2025 unsere Projekte unterstützt haben**
- **an die Gemeinden Bettemburg/Beetebuerg hëlleft, Düdelingen/Diddeleng hëlleft, Beckerich und Helperknapp**
- **an die Vereine, welche uns einen Scheck zukommen ließen:**
  - Chorale Ste Cécile Beetebuerg
  - Fonds de solidarité Cessange (Bichermaart)
  - Fondation CGFP de secours
  - Eglise protestante
- **an die Familien, welche unsere Projekte unterstützt haben durch einen „Don“**
  - beim Geburtstag von Herrn Fränk Rosenfeld
  - bei der Geburt von Clara Waringo
  - bei der Silberhochzeit von Tania und Guy Mangen-Carrier
  - beim Tod von Herrn Paul Oé
  - beim Tod von Madame Martha Einsweiler-Ewen

# COMPTE DES RECETTES ET DEPENSES DE NIÑOS DE LA TIERRA asbl. POUR L'ANNÉE 2025

| | |
|---|---|
| **SOLDE AU 31.12.2024** | **85.126,37 €** |
| **I. RECETTES :** | |
| A) RECETTES D'ORIGINE PUBLIQUE : | 126.077,82 € |
| 1) Cofinancements : | 86.673,98 € |
| a) cofinancement par le MAE : | *86.673,98 €* |
| b) cofinancement par l'UE : | *0,00 €* |
| 2) Subsides : | 29.583,78 € |
| a) subsides par le MAE (frais administratifs) : | *10.533,78 €* |
| b) subsides par communes : | *19.050,00 €* |
| 3) SNJ - Service Volontaire : | 9.820,06 € |
| B) RECETTES D'ORIGINE PRIVEE : | 188.275,04 € |
| 1) Dons individuels : | 119.182,04 € |
| 2) Autres recettes : | 19.093,00 € |
| 3) Apport autre ONG à un projet : | 40.000,00 € |
| 4) Prêt privé sans intérêts : | 10.000,00 € |
| C) INTERETS TOUCHES : | 761,83 € |
| **TOTAL DES RECETTES :** | **315.114,69 €** |
| **II. DEPENSES :** | |
| A) DEPENSES POUR PROJETS : | 297.535,00 € |
| 1) Projets cofinancés : | 168.050,00 € |
| 2) Projets non-cofinancés : | 129.485,00 € |
| 3) Solde après réalisation remboursé : | 0,00 € |
| B) DEPENSES POUR ACTIVITES : | 541,19 € |
| 1) Activités ayant bénéficié d'un subside : | 0,00 € |
| 2) Activités n'ayant pas bénéficié d'un subside : | 541,19 € |
| C) DEPENSES ADMINISTRATIVES : | 11.209,10 € |
| 1) Frais bancaires | 859,70 € |
| 2) Autres dépenses administratives | 10.349,40 € |
| D) AUTRES: | 32.728,39 € |
| 1) Divers : | 7.703,53 € |
| 2) Frais volontaires (2) | 9.595,86 € |
| 3) Frais collaborateurs (projets, secrétariat) | 5.429,00 € |
| 4) Remboursement prêt privé (sans intérêts) | 10.000,00 € |
| **TOTAL DES DEPENSES :** | **342.013,68 €** |
| **SOLDE AU 31.12.2025** | **58.227,38 €** |

LE TRESORIER JEAN-PAUL HAMMEREL




# LENA
# MISSION DE 18 MOIS EN BOLIVIE
## (COCHABAMBA)

ENCADRÉE PAR LE SERVICE VOLONTAIRE DE COOPÉRATION DU SNJ

Mon service volontaire de 18 mois en Bolivie a été une véritable « école de vie ».

J'ai appris à accompagner avec bienveillance des enfants issus de milieux fragiles. Malgré les défis, leur sourire me rappelait chaque jour pourquoi j'étais là.

A côté de mon travail dans une crèche à Tirani avec des enfants en bas-âge, j'ai accompagné une petite fille de 6 ans à besoins spécifiques dans sa scolarité et son développement global.

Chaque journée m'a enseigné l'humilité, l'écoute et surtout la patience. J'ai découvert une culture à la fois riche, chaleureuse, accueillante, ainsi qu'une autre manière de vivre, plus simple, plus proche des autres et profondément enracinée dans ses traditions. La musique andine, les fêtes colorées et le lien fort aux ancêtres m'ont émerveillée.

J'ai aussi appris à vivre avec peu, à m'adapter à l'inattendu et à travailler en équipe dans un contexte interculturel. Cette expérience m'a transformée : j'ai gagné en maturité, en confiance et en sens des responsabilités. Ce volontariat m'a offert bien plus que ce que j'ai pu donner : des amitiés sincères, une ouverture d'esprit et un regard nouveau sur le monde.

Ma mission m'a confrontée à un accès limité au matériel, à l'eau, à une électricité instable et à un manque de ressources dans la crèche. Et pourtant, jamais je n'ai rencontré autant de générosité, de joie et de solidarité. Ce manque de confort m'a appris à aller à l'essentiel, à valoriser les relations humaines plutôt que les biens matériels. La simplicité de la vie quotidienne, le partage et l'ingéniosité face aux difficultés m'ont profondément marquée. J'ai appris à apprécier ce que j'avais et à remettre en question mes habitudes de consommation. Ce que certains appellent pauvreté m'a offert une grande richesse intérieure. Plus qu'un simple volontariat, ce fut un apprentissage profond de la vie, de l'autre et de moi-même. La culture bolivienne ne m'a pas seulement accueillie : elle m'a transformée.

Lena Erpelding

**E speziellen an häerzleche Merci soe mir** eiser Volontärin Lena Erpelding, dat a sengem Bekannte-krees eng Spendenaktioun lancéiert huet fir d'Kantin an der Crèche zu Tirani, wou hatt geschafft huet.









# VU KANNER FIR KANNER

E grousse Merci soe mir de Kanner aus der Rue des Forges an der Rue du Schlammestee vu Weiler zum Tuer, déi mat deene Suen, déi si beim Liichtegoe gesammelt hunn, eis Projeten ënnerstëtzen.



**NIÑOS DE LA TIERRA** asbl.

RCS : F1241

adresse postale :
20, rue Félix de Blochausen
L-1243 Luxembourg

tél : 621 502062 (Président)
691 425962 (Secrétariat)

e-mail : contact@niti.lu

**www.niti.lu**

Niños de la Tierra Asbl

CCPL : **LU75 1111 0897 7348 0000**
BIC : CCPLLULL

Le bulletin « INFO » paraît au moins 4 fois par an, édité par NIÑOS DE LA TIERRA asbl.

***Prière de nous communiquer tout changement d'adresse !***

rédaction :
NIÑOS DE LA TIERRA asbl.

mise en page et impression :
Imprimerie Schlimé Bertrange

PRINTED IN LUXEMBOURG

## SÜDAMERIKA-NEWS

Das Jahr 2026 begann in Lateinamerika nicht mit einem Knall, sondern mit dem Knattern von Maschinengewehren: Am 3. Januar nahmen US-amerikanische Elitesoldaten den venezolanischen Präsidenten Maduro und seine Ehefrau fest und entführten sie. Dabei gab es über 100 Tote, darunter auch Zivilisten, die von Raketen getroffen wurden. Unter dem Vorwand, illegale Einwanderung und Drogenhandel zu bekämpfen, ordnete Präsident Trump die völkerrechtsverletzende Militäroperation an. Es dauerte jedoch nicht lange, bis Trump die „verborgenen" und möglicherweise wirklichen Gründe darlegte und ein altes Muster offenbar wurde: Öl und Monroe-Doktrin *(jetzt: Don-roe)* – oder allgemeiner ausgedrückt: Ressourcen und Einfluss. Das Jahr begann somit nicht nur mit einer fundamentalen Verletzung des internationalen Rechts, sondern auch mit unverblümtem Kolonialismus und Imperialismus.

Doch kommen wir nun zu den Ländern unserer Partner. Ähnlich wie in den USA und bei vielen der jüngsten Wahlen in Lateinamerika scheinen Migration, Drogen, Kriminalität und Sicherheit die Themen zu sein, mit denen Wahlen gewonnen werden. Im Dezember 2025 wählte Chile mit José Antonio Kast einen rechtsextremen Kandidaten zu seinem nächsten Präsidenten und forderte damit einen politischen Wechsel in genau diesen Punkten. Geschickt lenkte Kast diesmal die Aufmerksamkeit von seinen krassesten Positionen ab und versprach Steuersenkungen, massive Abschiebungen und Spezialeinheiten der Polizei für mehr "Law and Order". Auch sein im Januar bekannt gegebenes Kabinett wirkt auf den ersten Blick weniger ideologisch und eher pragmatisch aufgestellt. Bei näherer Betrachtung erkennen wir jedoch ein klares Bekenntnis zur freien Marktwirtschaft und eine tiefe Verankerung in Chiles konservativer Business-Elite.

Ähnlich steht es um die politische Vertretung in Bolivien: Mit den Wahlen im August 2025 implodierte das „Movimiento al Socialismo" (MAS), ein ehemals revolutionäres politisches Projekt, das durch Boliviens ersten indigenen Präsidenten Evo Morales bekannt wurde. Der heutige christdemokratische Präsident Rodrigo Paz Pereira nominierte für fast alle wichtigen Posten Vertreter:innen der weißen städtischen Elite. Rassismus und Hass gegen Indigene sind auf dem Vormarsch. Sogar ganze Stadtgebiete wie „El Alto" in La Paz, wo auch Niños de la Tierra aktiv ist, werden von der Politik und den Medien als „barbarische" und „verlorene Zonen" bezeichnet.

Wie in vielen anderen lateinamerikanischen Ländern ist es auch in Chile und Bolivien den rechten politischen Eliten gelungen, Arme gegen andere Arme auszuspielen. Gibt es einen Weg, um diesen Rechtsruck umzudrehen? An dieser Stelle sei das chilenische Protestlied *„El pueblo unido jamás será vencido"* (Das vereinte Volk wird niemals besiegt werden) in Erinnerung gerufen.

David Hoffmann

POST LUXEMBOURG
PORT PAYÉ
PS/394
PERIODIQUE
Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG

Pay mobile with
payconiq